**BESSER ZESUMMEN**

# D'EQUIPE VUN DE LEIT, FIR D'LEIT

BIERGERNO | SOLIDARESCH | NOHALTEG



Lola ARTIGAO (44)
Boermereng



Maria PENSO (50)
Rëmerschen



Annette KIRSCH, ép. WILLEMS (62)
Elweng



Gerald CONTRERAS (40)
Rëmerschen



Max FLEISCHHAUER (27)
Elweng



Tom BELLION (59)
Welleschten



Disma CUM (68)
Elweng



Lucien MAX (61)
Boermereng



Tania FÜRST (48)
Rëmerschen



Daniel CAMPOS (30)
Rëmerschen



Fernand WEIMERSKIRCH (60)
Bech-Maacher

## Gemeng Schengen | Gemengewalen - 11. Juni 2023

www.besserzesummen.com
besser.zesummen@gmail.com

BESSER ZESUMMEN

## Lola ARTIGAO (44)
Boermereng



*Chargée de direction*
*vum CIGL Walfer asbl säit 2012*

*Presidentin*
*vum Verwaltungsrot*
*vu CO-LABOR s.c./asbl säit 2021*

*Member*
*vun der Integratiounskommissioun (CCCI)*
*vun der Gemeng Schengen säit 2017*

Gebuer an opgewuess a Spuenien sinn ech 2002 no engem Erasmus-Austausch zu Wien op Lëtzebuerg geplënnert, wou ech säitdeem mat mengem Mann, dem Tom Klonski, a mat mengen 3 Kanner (14, 12 an 7 Joer) wunnen.

Awunnerin vu Boermereng säit 2011 genéissen ech hei d'Natur a schätzen alles, wat dës wonnerschéi Gemeng mat ganz vill Potenzial an europäescher Bedeitung, ze bidden huet. Sportlech sinn ech bei der Danzschoul zu Welleschten säit 9 Joer eng trei a begeeschtert Stagiaire am Jazzcours.

Beruffflech, als Responsabel vun enger „Initiative sociale pour l'emploi", spille fir mech Solidaritéit, sozialen Zesummenhalt, gutt Gouvernancen an positive Management eng grouss Roll am Alldag. Aner Themen, déi mech privat besonnesch beweegen, si fair, saisonal, a regional Biolandwirtschaft, Kultur a Kreativwirtschaft a gender equality.

*„ Als Member vun der Equipe „Besser Zesummen" sinn ech ganz motivéiert, d'Interesse vu de Biergerinnen a Bierger verantwortungsvoll am nächste Gemengerot ze vertrieden, nei Impulser bei der Gläichberechtegung an der Biergerbedeelegung ze setzen a konkret Mesure virunzedreiwen, fir den ökologeschen Wandel z'ënnerstëtzen. "*

BESSER ZESUMMEN

## Tom BELLION (59)
Welleschten



*Direkter vum*
*Luxembourg City Tourist Office*

*President vun der Finanzkommissioun*
*vun der Gemeng Schengen*

*Gemengerot an der fréierer*
*Gemeng Welleschten [2005-2011]*

*Grënnungspresident*
*vun de Miseler Museksfrënn*

*Comitésmember*
*LSAP Bezierk Osten*

Bestuet zanter 1994 mat dem Malou Gales, engem Welleschter Meedchen, wunne mir mat eisen zwee Bouwe Max (24) a Louis (16) zu Welleschten.

Vu Beruff aus Ekonomist, hunn ech déi lescht 30 Joer a verschidde Féierungspositiounen a Beräicher geschafft: Aviatioun, Soziales, Kultur an Tourismus.

Ee gudde Kontakt mat de Leit ass mir wichteg. Iwwert d'Joren a ville Veräiner an aner Initiativen engagéiert a passionéierte Gittariste: dat ass mäi Wiesen.

Eng aktiv Biergerbedeelegung, ee gutt Zesummeliewen, Solidaritéit mat Häerz, eng lieweg Kultur, aktiven Tourismus, wäitsiichtege Wäibau a gesond Gemengefinanzen: dat sinn Themen déi mir besonnesch wichteg sinn. Fir mech heescht déi zentral Fro: Wou soll d'Gemeng Schengen am Joer 2040 stoen? Mat der Equipe „Besser Zesummen" wëll ech dofir eng Hand mat upaken, fir d'Fusiounsgemeng Schengen an den nächste Joren am Sënn vun de Bierger an de Betriber weider no vir ze bréngen.

*„ Perséinlech kennen ech vill Entscheeder an der nationaler Politik, Verwaltungen, Ministère, Wirtschaft an Zivilgesellschaft. Ganz gewëssenhaft wäert ech mech am Gemengerot fir d'Interesse vun der Allgemengheet asetzen. Et ka roueg méi Schwong an d'Gemeng Schengen kommen, dat ass meng Iwwerzeegung. "*

BESSER ZESUMMEN

## Daniel CAMPOS (30)
Rëmerschen



*Gestionnaire de Salaires an*
*enger Fiduciaire zu Lëtzebuerg*

*Komiteesmember an der fräiwëlleger*
*Déiereschutzorganisatioun*
*„GIVE US A VOICE LËTZEBUERG ASBL"*

An der Gemeng Schengen grouss ginn, opgewuess an enger Wënzerfamill, hat ech schonn ëmmer och ee grousst Häerz fir Déieren.

Och wann eis Muselregioun allgemeng sech an de lëschte Jore gutt entwéckelt huet, sinn ech ganz motivéiert fir als Member vun der Equipe „Besser Zesummen" ob villen Themen aktiv matzeschaffen, an esou dozou bäizedroen, dass besonnesch an eiser Fusiounsgemeng Schengen nach villes besser gëtt.

*„ Zesumme wëlle mir all zu enger fir jiddere positiver Zukunft bäidroen. "*

BESSER ZESUMMEN

## Gerald CONTRERAS (40)
Rëmerschen



*Employé vun enger grousser Affekotefirma*
*op der Finanzplaz*

*Member vun der Integratiounskommissioun*
*(Sozio-Politik)*

*Member vum Syndicat d'Initiative -*
*SI-Schengen (Kultur, Tourismus, Fräizäit)*

*Beroder a Member fir Entwécklung a*
*Landverbrauchsplanung 2035+ (PDAT,*
*Bezierk Osten, MAT 2018-2022) (Soziales)*

*Senior Member Musel Pikes*

*Kandidat bei de Gemengewalen 2017*
*an den Nationalwalen 2018*

Beschtued mam Carole Becker aus Réimech, Papp vun 3 Kanner (Lea, Maeva a Marvin).

Opgewuess an engem touristeschen a sozialen Ëmfeld. Passionéiert fir Konscht, Literatur, Danz, Musek an Theater säit mengem fréisten Alter. Meng Passioun huet mech säithier op vill an räich kulturell Weeër gefouert an domadder méi no un de Bierger.

Trotz menger aktueller viller Aarbecht, am Beräich vun de Finanzen an dem Wirtschaftsrecht, huelen ech mir Zäit fir meng Aktivitéiten um Niveau vun de Gewerkschaften an speziell de Veräiner an eiser Gemeng.

Ech interesséiere mech doniewent fir ganz verschidden Aarten vun Aktivitéiten. Jo, heiansdo Moler, Dänzer, Sänger, Fotograf, Gäertner a stinn och emol virun der Kamera. No engem kuerzen Openthalt am Capitani 2, sinn ech op de Goût komm fir op der Bün a virun der Kamera ze stoen.

D'Musel ass eng schéi Regioun, mat senge pittoresken Dierfer an deen herrleche Wéngerten, eng Géigend wou ee wunne wëll, fir d'Rou ze genéissen. Ee Grond méi firwat Schengen mir zënter 13 Joer um Häerz läit.

*„ Dofir setzen ech mech an, fir dës Liewensqualitéit déi fir ons all wichteg ass, ze erhalen, an doniewent och nach d'Servicer vun eiser Gemeng ze verbesseren. "*

BESSER ZESUMMEN

## Disma CUM (68)
Elweng



*Pensionéierte Bautechniker a Chef de Projet op enger Rei vu Chantieren an der Alstad Lëtzebuerg*

*Fréiere President vun der Biergerinitiativ Boermereng - BIB*

*Gewerkschaftler*

*Fussballtrainer a Member vum Comité vum FC Schengen*

*Member vun der Bautekommissioun vun der Gemeng Schengen*

Ech hunn déi duebel Nationalitéit: italieenesch a lëtzebuergesch.

Solidaritéit, Soziales, Wunnengen, Biergerbedeelegung, Nohaltegkeet, Gemengeservicer, Mobilitéit, Landwirtschaft, Wäibau, Schoulen: dat sinn Themen déi mech besonnesch beweegen.

Wou soll d'Gemeng Schengen am Joer 2040 stoen? Däst an eng Rëtsch vun aner Theme beschäftege mech a mengem Alldag. Wéi kréie mer eidel Wunnengen nees op de Marché, wéi schafe mer nees méi abordabel Wunnengen an eiser Gemeng, wéi kënne mer d'„Mobilité douce" weider ausbauen oder wat kënne mer nach besser maachen um Gebitt vun der Inclusioun vun eisen auslänneschen Matbiergerinnen a Matbierger?

*„Als Member vun der Equipe „Besser Zesummen" sinn ech ganz motivéiert, fir d'Biergerinnen a Bierger aus eiser Gemeng Schengen op all deenen Themen déi mir besonnesch um Häerz leien, mat menger ganzer Erfarung am Gemengerot no beschtem Wëssen ze vertrieden."*

BESSER ZESUMMEN

## Max FLEISCHHAUER (27)
Elweng



*Human Ressources Professional*

Zanter 2021 an der Gemeng wunnhaft, mee schonn ëmmer der Musel verbonnen.

Participativ Demokratie, Mobilitéit, nohalteg Entwécklungen an abordabele Logement sinn Themen déi mir besonnesch um Häerz leien.

*„Besser Zesummen heescht och Zesumme mat all eenzelem Bierger vun der Gemeng Schengen d'Zukunft vun eiser Gemeng gestalten."*

BESSER ZESUMMEN

## Tania FÜRST (48)
Rëmerschen



*Infirmière am Centre pour le développement moteur zu Stroossen*

*17 Joer geschafft als Inspecteur sanitaire an der „Division de l'Inspection sanitaire" op der „Direction de la Santé"*

*Fréier Presidentin vun der Elterevereenegung Rëmerschen*

*Fréier Elterevertriederin vun der Schoul Rëmerschen*

*Fréier aktiv am Groupe de support psychologique vum CGDIS*

*Laang Joren aktiv als Cheffin an den Scouten FNEL Divers Auslandscolonien als Chef de colonie mat Kanner a Jugendlechen*

Bestuet zanter 2000 mam Steve Genen, zesummen hunn mir zwee Meedercher, vun 20 an 13 Joer (Zoé a Lyn). Säit 2000 wunne mir zu Rëmerschen.

Ech hu mech iwwert Joren ëmmer sozial engagéiert, dëst a verschiddene Positiounen.

Solidaritéit, Soziales, Biergerbedeelegung, Gesondheet, Educatioun an Zukunft vun eise Kanner: dat sinn Themen déi mech besonnesch beweegen.

*„Fir mech steet Mënschlechkeet an de sozialen Ëmgang mateneen un éischter Stell, dëst ass dat wat fir mech „Besser Zesummen" an „Biergerno" bedeit. An dësem Sënn well ech iech Biergerinnen a Bierger am nächste Gemengerot vertrieden."*

BESSER ZESUMMEN

## Annette KIRSCH, ép. WILLEMS (62)
Elweng



*Pensionéiert Infirmière diplômée*

*Member vum Gemengerot*

*Presidentin vum Verwaltungsrot vun der Beschäftegungsinitiativ Kanton Réimech (B.I.R.K.)*

*Presidentin vum Fairtradegrupp Gemeng Schengen*

*Member vun der Ëmwelt a Kulturkommissioun vun der Gemeng Schengen*

*Déléguée à l'égalité des chances*

*Déléguée SIAS*

*Member am conseil de surveillance de „Mediterraner Garten" à Schwebsingen*

*Déléguée suppléante am Groupe d'Action Locale LEADER Miselerland*

Bestuet, 2 Kanner, wunnen zënter 32 Joer zu Elweng.

Ëmwelt, Nohaltegkeet, Solidaritéit, Soziales, Biergerbedeelegung, Kultur dat sinn Themen déi mech besonnesch beweegen. Wou soll d'Gemeng Schengen am Joer 2040 stoen? Fir mech eng wichteg Fro. Ech weess als Member vum jëtzege Gemengerot wéi schwéier et ass Projeten déi mir um Häerz leien ëmzesetzen.

E Grond firwat ech mech nach eng Kéier der Erausfuerderung stellen, fir zesumme mat de Bierger, d'Fusiounsgemeng Schengen an den nächste Jore no vir ze bréngen.

*„Zesumme mat eiser neier Biergeréquipe „Besser Zesummen" wäert ech alles drusetze fir d'Interesse vun de Bierger gutt a gewëssenhaft am zukünftege Gemengerot ze vertrieden."*

BESSER ZESUMMEN

## Lucien MAX (61)

Boermereng



*Pensionéierten Ingénieur technicien (Post Technologies)*

*Säit 25 Joer Member an der Kulturkommissioun, vun der fréierer Gemeng Boermereng, haut Gemeng Schengen*

*Fréiere Member an der Finanzkommissioun bis 2017*

Ech hunn e ganz grousst Interessen un der geschichtlecher, der aktueller an der zukünfteger Entwécklung vun eisen Dierfer an der Muselregioun.

Als Veräinsmënsch an och als Hobbymusikant sinn ech gären ënnert de Leit.

*„Ech wäert mech als Member vun der Equipe „Besser Zesummen“ asetze fir dass an eiser Gemeng interessant an och bezuelbar Projeten ausgeschafft ginn, an dass d'Awunner och am Virfeld gutt informéiert ginn. Participativ Demokratie soll geliefert ginn.“*

BESSER ZESUMMEN

## Maria PENSO (50)

Rëmerschen



*Agent Aides et Soins à domicile*

*Schaffen am Beräich vun de „soins à domicile“ säit 2006*

*Syndicaliste*

*Personaldelegéiert*

*Nationalitéiten: Franséisch, Portugisesch a Lëtzebuergesch*

Ech wunnen zu Rëmerschen säit 30 Joer mat mengem Jong dem Dany.

Themen, déi mir besonnesch um Häerz leie sinn: Solidaritéit, Soziales, Wunnengen, Biergerbedeelegung, Nohaltegkeet, Gemengeservicer, Mobilitéit, Schoulen.

Als Member vun der Equipe „Besser Zesummen“ wëll ech zesumme mat de Biergerinnen an de Bierger aus eiser Gemeng Schengen, u ville Projete matschaffen, déi eis Gemeng fit maache fir d'Zukunft, an esou hëllefen den Erausfuerderunge vun der Zukunft biergerno, solidaresch an nohalteg ze begéinen.

*„„Besser Zesummen“ fir Schengen 2040.“*

BESSER ZESUMMEN

## Fernand WEIMERSKIRCH (60)

Bech-Maacher



*Pensionéierte Finanzanalyst a Risikomanager op der Finanzplaz Lëtzebuerg*

*Fréiere President vun der Finanzkommissioun vun der Gemeng Réiser*

*Laangjäerege Member vu Kultur-, Verkéiers- a Mobilitéits-, souwéi Ëmweltkommissiounen an de Gemengen Diddeleng a Réiser*

*Fréiere Member vun de Verwaltungsréit vum Office social – OSCBFR, souwéi vun der Entente vun den 30 Offices sociaux*

Opgewuess an der Stad Lëtzebuerg a bestuet mam Julie Graf, engem Stater Meedchen, wunne mir säit 2 Joer op der Musel zu Bech-Maacher.

Als Finanzanalyst a Risikomanager an de Beräicher Finanzmarchéen a Fongenindustrie, a verschidde Féierungspositiounen, hunn ech meng ganz Karriär op eiser Finanzplaz gemaach, a si säit kierzlech an der Pensioun.

Solidaritéit, Soziales, Biergerbedeelegung, Nohaltegkeet, Gemengeservicer a Finanzen, Ëmwelt a Mobilitéit, Wäibau: dat sinn Themen déi mech besonnesch beweegen.

Wou soll d'Gemeng Schengen am Joer 2040 stoen? Ronderëm des Fro dréit sech bei mir ganz villes. Mat der Equipe „Besser Zesummen“ sinn ech ganz motivéiert, fir d'Fusiounsgemeng Schengen nach vill méi ze valoriséieren, a souwuel politesch, wéi och strukturell, no vir ze bréngen, an dëst am Sënn vun eise Biergerinnen a Bierger.

*„Och wann een d'Rad net ëmmer nei erfanne muss, sinn ech iwwerzeegt, dass ech mat mengem Bléck vu baussen, zesumme mat menge Kompetenzen a grousser Erfarung, souwéi enger breeder Vernetzung, dozou bäidroe wäert, eise Biergerinnen a Bierger hir Interessen am nächste Gemengerot, mat beschtem Wëssen a Gewëssen, ze vertrieden.“*

BESSER ZESUMMEN

# Mat Kompetenz a Schwong an d'Zukunft

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

Den **11. Juni 2023** sinn déi éischt Proporzwalen an der Fusiounsgemeng Schengen.

Mir gesinn doranner eng Chance, fir de Schäffen- a Gemengerot ze stäerken. Zesummen hunn eis 11 Kandidate ganz vill Kompetenzen, déi si gären an den Déngscht vun der Allgemengheet stelle wëllen.

Mir schaffe konstruktiv an aktiv mat, dreiwen d'Saache weider a si fir d'Bierger:innen an d'Betriber do.

***Schenkt eis Äert Vertrauen!***